Manternach, de 14. Oktober 2008

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
14 OCT. 2008
Q2899

Här Lucien Weiler,
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
LETZEBUERG

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

"Virun engem Jar war vill Opreegung bei eis am Land an duerch d'ganz Welt, well d'Liewensmëttelpräisser e grousse Spronk no uewe gemaach haaten. Am Laf vum leschten halwe Jar huet d'Situatioun sech rëm komplett ëmgedréint: Déi fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft wichteg Grondnahrungsmëttel Broutwees (céréales panifiables) a Mëllech sinn zanter Méint rëm op hiren alen Niveau zréckgefall. Duerfir huet et mech gewonnert, am leschte Bulletin vum Statec - "Indice national des prix à la consommation " September 2008 - ze gesinn, datt grad dës zwou Kategorien eng héich Präissteigerung par Rapport zum September 2007 opweisen, an zwar:

**pain et céréales: + 9,18%**
**lait, fromages et oeufs: + 11,20%**

Aus der Siicht vun de Produzenten ass dës Situatioun legerlech, well si fir héich Präisser responsabel gemaach ginn, obschonn déi Präisser, déi si erléisen, rëm ganz niddreg sinn. An deem Kontext géif ech gären dës Froen un Iech riichten:

1. Sidd Dir secher, datt dës Präissteigerungen um Konsumentenniveau der Realitéit entspriechen?

2. Wa jo, wéi ass dëst dann an engem Emfeld ze verstoen, wou d'Konkurrenz normalerweis misst derfir suergen, datt Präisréckgäng un de Konsument weidergereecht ginn?

3. Wann dat nët funktionéiert, wat fir Mëttel stinn Iech zur Verfügung, fir dëser ongewéinlecher an lergerlecher Situatioun entgéintzewiirken?"

Mat déiwem Respekt,

Roby Mehlen, Deputéierten